

Eis Sprooch... deemools... (4) vum Lex Roth

D'Qualitéit, oder villméi 'd'Net-Qualitéit' vum Lëtzebuergesch um Radio an dat sëllege Gë-lergers doriwuer am Land waren d'Ursach, datt sech **vrun 38 Joer en etlech Leit** fonnt hunn, déi 'eppes' wollten dogéint maachen. Genee op den Dag, de 17. Februar 1971, hat ech den 'Oral' vu mengem Proffenexame fir an den 'Technique' mat enger Aarbecht iwuer eis Sprooch an der Schoul hannert mer, an hunn ennerwee fir heem um Radio héieren, datt e puer Leit sech vrum Mikro déck iwuer deen Zoustand vum Lëtzebuergesch an d'Sträng gehäit hunn: besonnesch deen als net ganz kamoud (mä intelligent) bekannte Jemp Bertrand, e 'gewëssene' Charel Malané an e puer anerer. Wat si do (am Äifer) gesot hunn, huet mir nawell net schlecht gefall, ower **den Toun... dee wier duerch siwe Mauere gaang!** Si hunn op eng Reunioun invitéiert, fir déi den Här Aloyse Raths – ee vun den Organisateuren géint den Nazi-Sprooch-Referendum vum 10. Oktober 1941 – de Sëtzungssall vun der 'Resistenz', uewenop an der 'Fortuna' op der Gare, offréiert huet.



(BILD: OLIVIER JAMINON)

Déi Invitatioun huet mech intresséiert, schonn eleng wéinst dem Fong vu mengem Examens-Mémoire, deen dem Jury extra gutt gefall hat: 'Plädoyer für das Luxemburgische im manuellen Berufsbereich'. Op deer Garer Reunioun si ronn 2 Dose Leit beienee gewiescht... mä **et huet ee gläich gericht, datt der eng Partie dat néidegt Fangerspëtzegefill doheem gelooss haten**, fir an deer Affaire un eng verstänneg Aarbecht ze goen. Si hätten am léifsten direkt eng Revolutioun gestart, z. B. déi franséisch Uertschafts-a Strooseschëlter uechter d'Land mat wäisser Fuef bemokelt a Lëtzebuergesch drop geschriwwen. D'Saach war mir selwer, dem Heng Rinnen, dem René Faber, dem Camille Linden, dem Här Raths an aneren esou ower net geheier, einfach zevill eescht, fir mat den zwéi Féiss an d'Frittendëppen ze sprangen.

Duerno ass et dann an deem Sënn méi roueg ginn, wa mir beienee waren. Den Hierscht si mir prett gewiescht, fir **an de 'Pôle-Nord' op eng Veräins-Grëndungsversammlung** ze ruffen. De Jemp Bertrand an anerer haten sech längst verdréckt, well d'Saach hinnen net 'schaarf a spat' genuch war. Fir de President sinn 2 Kandidaturen do gewiescht (ech hunn um Henri Rinnen, eise bekannste Matgrënder, 'gebengelt', mä dee wollt 'emol ofwaarden'); deen 'anere' long de Leit net richtig, dofir guff dee Jéngste gewielt. Ech hat just 38 Joer; meng Suerg war, déi sympathesch Initiativ net an engem Fanatikerclub zerfränjelen ze loossen.

Eise Programm? Einfach: Alles, wat fir d'Lëtzebuergesch NET do war an sech verstänneg geng upake loossen... Mä wat war dann do? Dräimol näischt! Systematesch hu mir dat 'Näischt' a Gebitter opgedeelt: Schoul, Kierch, d'Sprooch privat, offiziell, veräinsméisseg, Annoncen, Publikatiounen asw.

1. d'Schoul: Et guff, vun der Primärschoul bis an de Lycée, **kee Material**, fir eppes mam Lëtzebuergesch unzefänken. 'Das Luxemburgische und sein Schrifttum' vum Nik. Welter war zënter 20 Joer vergraff; d'Famill huet sech wéinst **Schreifweis-Mësselen** dogéint gestäipt, fir et nei erauszeginn; net dovun ze schwätzen, datt dat Buch vun 1914 (!) vum Deckel bis op d'hënescht Säit hatt misse schoul- a materialméisseg total ëmgeschafft ginn. Déi bekannt (an d'ichteg!) Dictionnaire-Commissioun hat ni dru geduecht, datt **en Aarbechtsgrupp fir e Schoulbuch** op d'mannst esou wichtig wier wéi eng – och nach esou intressant – Wierdersammlung. Pädagogesch lwwerleunge waren tabu. Do long alles, ower och wierklech alles, brooch... déi 'Dréich' huet also missen 'opgeplout' ginn!

→ an eiser KLACK N° 149 (samschdes, de 4. Abrëll) geet et da weider... wéi et mam neie Veräin a senger Aarbecht virugaang ass... well dat gëtt jo alles esou gär (oder bewusst) vergiess, gelldir.

Maach dech net sou!

Hien huet sech gemaach, wéi wann e giff stierwen... Maach dech dach net esou... Hie mécht sech esou, wann en do geet... Hien huet sech dach nëmmen esou gemaach... **dann iwersetzt dat emol** op Däitsch, Franséisch oder Englesch. *Mach dich nicht so... ne te fais pas comme ça... don't make you sou...* do gëtt et elauter rout Sträpp drënner! Mä wien denkt da schonn drun, datt mir et hei 100 % mat typeschem Lëtzebuergesch ze dinn hunn. Wéi wier et dann, wa mir eis Sprooch méi dacks op déi Fassong genge gesinn a be-denken; mir giffen se net manner respektéieren! ■ M.V.

d'Iddi an den Iddi

Dat Wuert fanne mir, am wäite **Sënn vu 'Gedanken'**, an alle Sproochen hei rondrëm. Och am Lëtzebuergesch. Et ass **ëmmer 'weiblech'**. Mä mir hunn e Gebrauch dovun, deen et nëmmen an eiser Sprooch gëtt, an zwar **'den Iddi' als männleche Substantiv**.

Wann engem un eppes näischt läit, da seet e vläicht, hien hätt 'keen Iddi'. Glëschtert een e Stéck Ham, dann hätt en 'nawell Iddi drop'. Ass et engem net 'duergeschlo', wéi hie geduecht hat, dann **'ass den Iddi him vergaang'**. 'Den Iddi mécht d'Zos' wëllt jo heeschen, datt eppes engem muss gefalen/schmaache fir et gutt ze fannen.

Mat esou 'Klenggekeete' kënne mir weisen, esouguer be-weisen, datt d'Lëtzebuergesch seng eege Pied trëppelt... an Dausenden deer eege Sproochstécker sinn e Stéck vun eiser Identitéit! ■ R.W.

Abeejo!

«Falls dir dee Bréif net innerhalb enger Woch folgendermoosse gültig ennerzeechent zréckschéckt, musse mir ären Antrag / ärt Gesuch verweigern»... hackerdjéift, ass dat dann näischt?! Neen, et ass glat näischt! Dat ass 'Jaddermunnësse-Lëtzebuergesch'. Dann ass et besser, et setzt een esou e Schreiwes direkt houdäitsch op. Hei traatscht een an enger Verwaltung an enger Sprooch, déi keen Numm huet, mä dir wësst, datt et guer net onméiglech ass; onméiglech ass just dat Lëtzebuergesch do, dat gerësch do kënnt ewéi e 'Päischtochs'. Firwat dann net **einfach** ongefëier esou: **Wann dir dee Bréif net bannent (an) enger Woch richtig ennerschriwwen erëmschéckt, da kënne mir ä Demandé net unhuelen.**

Ce qui se conçoit bien s'énonce clairement... et les mots pour le dire viennent aisément, heescht et am Franséischen... also: Wat ee geruet am Kapp huet, dat kann ee klor soen, an da kommen d'Wierder vumselwen. Net fir näischt gëtt och an Däitschland probéiert, fir d'Sprooch vu Verwaltungs-Schreiftstécker aus der Kanzlei-Lächerlechkeet erauszehuelen. ■ L.R.

Ceterum censeo... (28)

«Wéi d'Zäit vergeet!» huet dem gudde Ger Schlechter 'getrëischt' seng Radioemissioun 'um Kanal 18' fir déi eeler Leit geheescht... déi grouss Gerechtegkeet: Si kënnt fir jiddereen, an d'Zäit vergeet fir s'alleguer. Wichtig ass vrun allem, wann een aus deer Zäit, déi eriwuer ass, och wéinstens en etlech gutt Erënnerungen huet. Eng vun deene schéinste fir eis Sprooch ass ganz bestëmmt deen Dag, **de 24. Februar 1984, wéi d'Lëtzebuergesch fir d'alleréisch am Gesetzfong vun eisem Land festgeschriwwen ginn ass.**

Bis dohinner war eis Sprooch mat kengem Pipjeswiertchen an engem Gesetztext ernimmt ginn; den Artikel 29 vun der Constitutioun huet just verschimmt gesot, datt den 'emploi des langues' iwuer Gesetz giff bestëmmt ginn... an dat huet bal 40 Joer gedauert! Den 'Unzékert' dovun ass en hondsgemengt Geschreifs an enger Neo-Nazizeitung gewiescht, deen eis 'Enrôlés de force' an der Chamber op de Plang geruff hat; eng 'Motioun' ass gestëmmt ginn; et guff bei der Bundesrepublik protestéiert; déi huet sech vun deem Wouscht-Artikel distanzéiert... **d'Affaire ass brav entschlof... mä ni bei der Actioun-Lëtzebuergesch!** Hire deemolege President hat d'Chance, déi Zäit ganz no beim Premier Pierre Werner ze schaffen... huet sech – nom bekannte Spréchelchen – mat dem Wäiwaasser vun deer Geleeënheet 'geseent' an um Chef 'gebengelt', bis... Den Detail vun der Saach kënnt op enger anerer Plaz. D'Resultat: eist Spooch(e)gesetz vun 1984.

Deemno hu mir **dëst Joer also d'Sëlwerfeier vun engem Gesetz, dat bis lo nëmme Guedes fir d'Lëtzebuergesch bruecht huet**, an zwar heibannen an dobaussen. Et ass dowäert, datt mir wéinstens dorun denken. An et wier net vu Muttwëll, wann eis Deputéiert dat giffe mat deem richtegen Text an eiser Constitutioun op e schéine Stack hiewen! ■ L.R.

SMS, E-mail, Internet

Kee Mënsch hätt vru 25 Joer un déi elektronesch Mëttele geduecht, déi et haut gëtt, fir een deem aneren ze schreiwen oder mateneen ze 'chatten'... woufir mir am Fong e gudden Ausdrock hunn → 'jadderen'. **Dat war dat Allerbescht, wat eiser Sprooch passéiere konnt**, well et 'simst' knapps ee Lëtzeburger mat engem aneren an enger anerer Sprooch wéi an eiser! **Wichtig ass vrun allem, datt eis jonk Leit sech un dës Saach ginn**, och wann elo den een oder anere knoutert, do giff kéipweis falsch geschriwwen... mä besser 'falsch' ewéi guer näischt; et kann ee jo näischt besser maachen, wat emol net do ass!

Duerch dës Technik gëtt an engem Joer méi Lëtzebuergesch geschriwwen wéi an 100 Joer virdrun. **Dorop kënnen mir opbauen... ower net mam Hummer!** Lues a lues wäert dat sech an d'Rei maachen, well an anere Sproochen begéine mir deselwechte Phenomän: do gëtt d'Franséisch, d'Däitsch, d'Englesch net besser geschriwwen wéi d'Lëtzebuergesch bei äis. Psychologesch ass et **ongehier wichtig, datt d'Gefill fir geschriwwent Lëtzebuergesch opkënn**, datt eng Gewunnecht entsteet, duerch déi et als 'normal' gëllt, datt mir eis Sprooch och schreiwen. Déi Schreif-Normalitéit probéiere mir – iwrengs mat guddem Erfolleg – ewell zënter Dosende vu Joeren ënnert d'Lëtzeburger ze kréien. Vun deer elektronischer Chance vun haut war nach net emol ze dremen. Wonnerbar! ■ P.W.

Eis GENERALVERSAMMLUNG

Samschdes, de 4. Abrëll / 15.00 Auer 'um Dierfgen' an der Stad (6, rue d'Eich)
Wéi ass et mat Ärer Cotisatioun?

Dolaanscht?

Wou deen Ausdrock hierkënn, dat ass schwéier erausfannen, a vläicht wier och all Explikatioun... dolaanscht. Mä **iwverleet emol, bei wéivill Geleeënheete mir mat deem Ausdrock ëmginn**, ouni drun ze denken, datt et EISES ass (wéi Dausenden deer Wieder am Buch 'EISES' vun der Actioun-Lëtzebuergesch, dat dir iwverall an och bei äis ze kafe kritt)?

Da kommt emol laanscht... Hien huet laanscht den Dill gehäit... De Misch ass komplett dolaanscht gewiescht... Ech sinn net laanscht dee komm / komme ganz gutt laanscht déi Leit... Dat do war ower dolaanscht. Probéiert, fir dat an egal watfir eng Sprooch ze iwversetzen. Dat gëtt Krämpes!

Natierlech gëtt d'Wuert plazeweis och nach anescht ausgeschwat. Dofir hunn se zu Wolz eng 'rue Hannelaanst'... well déi hannert den Haiser vun der Groussgaass... hannelaanscht geet. ■ H.M.

Orthographie/Schreifweis

Eng Saach, déi méi ewéi engem op d'Nerve geet... gleeft es: äis och heinsdo! Dorëm geet et ower net. Wichtig ass, **firwat et an allen 'ziviliséierte' Sproochen eng Orthographie gëtt, eng 'Rechtschreibung'**... déi Äntwert ass esou einfach, datt se schonn erëm bal komplizéiert gëtt: **Wa jiddereen déi Schreifweis hëlt, déi just him passt, da liest keen dem aneren säint!** Wann d'Vekéiersschëlter an all grësser Uertschaft anescht wiere fir datselwecht ze soen, da giff datt, am Sënn vum Ausdrock, 'Knupfereed'. Sinn d'Schëlter fir déiselwecht Iddi ower iwverall gläich... dann zillt sech praktesch e Reflex, en Automatismus... genee dat ass et och, wat eng Orthographie soll bréngen.

Huet dir iech ewell gefrot, firwat 'Vater' esou geschriwwen gëtt, wéi dir et elo just gelies huet? Et kënnt jo och **Vaater-Fater-Fahter-Faater** sinn, gelldir, ower dat wier 'falsch'... mä wat heescht 'falsch'?... well et sech net un eng Regel hält. Déi Regel ass do, fir datt 'regelméisseg' dselwecht geschriwwen gëtt, a jiddereen dem aneren säint soll kënne flësseg/geleefeg liesen, aplaz ze bustawéieren. Dat huet keen anere Sënn.

Fir d'Lëtzebuergesch ass et och esou. Mä mir hunn d'Gewunnecht, de Reflex – nach – net. Ower well ee keng Vulle mat Knëppele fänkt, solle mir mat eiser Orthographie net ze streng sinn. Fir d'alleréisch kënnt (déi éierbar) Sprooch, an dann eréisch d'Schreifweis! ■ AL

→ **Genéiert iech net, fir bei der Actioun-Lëtzebuergesch op enger vun eisen Adressen eist 'Schreifweisblatt' ze froen; et sinn nëmmen 2 Säiten / DIN A4, ower dir kritt 95 % Chance, eis Orthographie liicht ze léieren; et ass gratis, an eis Madame Weirig schéckt iech et gär.**